



N°7040
Entrée le 20.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.10.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/10/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Justiz & Aarbecht weiderzeleeden.

Wéi d'Plattform *heise.de* mell, huet een hollänneschen Aarbechter viru Gericht Schuedenersatz zougesprach kritt, well en onrechtméisseg entlooss gouf. Den Aarbechter hat sech geweigert, während dem ganzen Aarbechtsdag seng Webcam vum Computer unzehunn. Schonn am November 2017 hat den ECtHR, den europäesche Mënscherechthaff, festgeluecht, dass eng Iwwerwaachung op der Aarbechtsplaz muss duerch besonnesch Grënn néideg gemaach ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Goufen et zu Lëtzebuerg schonn Urteeler zur Videoiwwerwaachung op der Aarbechtsplaz?
2. Ass een Aarbechter zu Lëtzebuerg ofgeséichert, falls en sengem Patron géing eng Daueriwwerwachung per Webcam verweigere? Wa jo, duerch wéi eng gesetzlech Dispositiounen?
Wa nee, ass geplangt esou ee Schutz anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

